



Eng Hémlichkêt.

En êscht Steck fir d'Kannerhiërz an 3 Akten.

Perso'nen:

Baron vu Stolzejels, e reiche Jonggesell.

Robert, en ârme Jong vun 11 Joer.

Jules, Juri, Jis, Fiss, Ed, Fredd, dem Robert seng Komeroden.

Dem Robert seng *Mamm*.

Dem Baron sei *Bedengter*.

I. Akt.

(Am Schlass vum Baron, am Virzemmer sin de' 7 Bo'we matt Blummen a mat Kîërf.)

Jules: (wöllt Kapphër sin an de' aner kommede'ren.) Ech gin dem Hër de Bouquet a kên aneren! 't huot jo mol kê vun iech d'Fangere gewäscht.

Jis: Eis Fangre sin so' proper we' deng!

All: Nawèll grad!

Jules: An ech soen, *ech* gin en, den Hër geseit mech dach am le'isten!
(reisst dem Ed de Bouquet aus der Hand.)

Robert: (sprengt dur) A nèn, den Edi ass dé klèngsten an dé rêcht de Bouquet!

All: Ganz richtig!

Robert: Da so du de Sproch, wanns du so 'dichteg bass!

Jules: Dé wöll ech net!

All: E behält kèng drei Würt auswèndeg, wann en och schons deck Feischt huot!

Fredd: Robert, du sés de Sproch!

All: Jo du, Robert, du kanns dat gutt.

Jules: (be's) Da mâcht wat der wöllt, ech gin erömm hêm! (fort)

Robert: Et ass dach domm, ons elo eso' ze streiden. Den Hër Baron kann all Ableck kommen, a wat ge'f en da soen! Dat ge'f mer e sche'ne Namensdag gin! —

Fredd: Da könnte mer ons Kîëwercher erömm eidel mat hêm huolen.

Jis: Mèngs de dann mir kriter èppes dran?

Juri: Den Hèr Baron hat jo gesot, mir sollten se haut net vergiessen, op sengem Namensdâg get en ons secher èppes, zemol e wêss net datt mir him gratule'ren.

Fredd: Wat wèrt en Ae mâchen!

Robert: Do dierf awer kê félen. Komm, mer gin de Jules erömm rufen. E kann alt de Bouquet gin an d'Ried halen, ech wöll kê Streit.

All: Kommt, mer gin e sichen! (Lafen all aus. Kaum sin se fort, du kent de Jules erageschlach.)

Jules: Ha! Hate se gemènt ech wär fort! Wann èppes ausgedêlt get! Do misst ê vun der Domniksmille sin! Ech hat mech an en Eck geduckt. Kên huot mech gesin! Mais wart Rob! Pass ob! Du kriss eng gerass, de' hält der wârem! — (Hölt de sölwer Äschebècher vun dem Klave'er a verstoppt en am Robert sei Kuorf a vif erömm aus! — De' aner kommen erömm eran.)

Fredd: Löss e lafen, 't ass neischt verluor!

Jis: Wien e fônd, dé kann en halen.

Robert: Lösse mir onst Liddchen nach eng Ke'er üben, dass mer net eraus rënnen, wann den Hèr Baron hei stêt.

All: Dajé, opgepasst. (Robert dirige'ert. Sie sangen, op d'Weis: Ich hab mich ergeben. — —)

Beim Wê stêt ze kreischen
am Schne' an am Wand:
Verdriven a verlössen,
en aremt, hongrecht Kand.
Du flitt aus dem Himmel
en Engel mat Bro't;
a stelt dem ârme Kendchen
sei Lêd an och seng No't.

(Um Enn vun dèr lèschter Strof kent den Hèr Baron luos eran a klätscht an d'Hänn. De Jules kent och.)

Baron: Gutt, Kanner, dat huot der jo sche' gesongen!

Robert: (dre't sech iwerrascht em) O, Hèr Baron, et sollt nemmen eng Pro'f sin!

Baron: Gutt! Gutt! Kanner!

Edi mam Bouquet a *Robert* schwätzt:

Le'we gudden Hèr Baron!

Mir sin ârem Kanner, Dir huot ons ganz gèr;
 Könnte mir haut sängen, wann Er Le'f net wär?
 Dir sit onsen Engel mat Hiérz an och mat Hand;
 De' Hand muss Iech gèr kossen, voll Fréd all âremt Kand.
 Hei bringe mir Iech Blumen, an d'Hiérzer voller Gleck;
 Soe mir Ich merci, Trei a Fréd am Bleck.
 So'lâng ass am Duoref e Kannerhiérz schle't,
 So'lâng et sein Dank och zum he'gen Himmel dre't.
 Den Hèr Baron soll liéwen
 Vive! Vive! Vive!

Baron: Merci, Kanner! Dir sit gutt Kanner! Ech gi fro' bei Iech! Bleift emmer e'erlech, brav a gutt, da si mer emmer Frenn. — Aha, dir huot èr Kierf jo matbruocht we' ech gesot. Gutt eso'. — (riff) Jean! Jean!

Bedéngter: Den Hèr Baron wensch?

Baron: Ge'h mat de Kanner an d'Salle à manger a lé an hir Kiérf wat do um Desch stët. (E fängt eng Zigarett un.) Da sprangt Kanner, ech komme gleich no! — (of.)

Et sin dach brav Kanner! Dat mecht engem vill Plese'er, wann è geseit we' èn Dank alét. (Sicht nom Äschebècher, fir de Fickspo'n dran ze léen.) Ech hu gemèkt, de sölwer Äschebècher hätt hei gestanen! (Sicht) We'! E stung de muren dach nach hei! — —Hm! hm! (riff) Jean! Jean!

Bedéngter: Den Hèr Baron wensch?

Baron: Huot èn dé sölweren Äschebècher hei eweg geholl?

Bedéngter: Ech wëss net, Hèr Baron! — Virun enger halwer Stonn stung en nach hei!

Baron: Wësst du dat bestömm?

Bedéngter: Ganz bestömm, Hèr Baron, ech hat en nach sölwer an der Hand, we' ech ofgestöppst hun.

Baron: Et ass e Souvenir vun engem Frenn an ech ge'f e gur net gèr müssen!

Bedéngter: Drolech, Hèr Baron! Et war dach kën am Zemmer we' de' Kanner!

Baron: De' Kanner! We' daks ware sie schons hei! Du wärs dach net denken?!

Bedéngter: Den Hèr Baron wèrd dach awer och net denken, ech —

Baron: (ennerbrécht) Nên! Nên! Jean! A kèngem Fall! Komm, mer récken de Klave'er emol, en ass vleicht derhanner gefall. (réckelen.)

Bedéngter: Neischt do, Hèr Baron!

Baron: Komesch! Ech muss awer Klorhêt kre'en! — Ruff mer mol de' Kanner eraus!

Bedéngter: Direkt, Hèr Baron!

Baron: (elèng) Ech kann et onme'glech denken! Kannner, stèllt iech emol dur an eng Rei. So'! Kanner, wat wär dén, dén èppes ge'f hémlech an engem Haus huolen?

All: En De'f, Hèr Baron!

Baron: Huot schon ê vun iech en De'f gesin?

Robert: Jo, Hèr Baron, ech! D'Gendarme si mat em gebonnen um Gare kom. Ech konnt e net kucken. A meng Mamm sot, sie hätt le'wer hirer Kanner ênt ge'f op de Kirfecht gedrôn, we' wann et ên De'f wär! —

Baron: Deng Mamm huot recht, mei Jong, 't ass eng gutt brav Fra Abé, Kanner, 't ass och èppes hei am Haus geholl gin.

All: Oooo!

Edi: Da löße mer d'Gendarme ruffe lafen.

Baron: Mir warde nach e bessche, mei Jong. (De Bedéngter pèspert dem Baron èppes an d'O'er!)

Baron: Git emol aus, Kanner, a löße èr Kiérf stoen! (of.)

Bedéngter: Kuckt, Hèr Baron, ech hu bal vu fère gemènt. (Zitt de Bècher eraus.)

Baron: O mei! Dat ass mer e Schlag! Rufft se eran! (be's) Wém ass dese Kuorf?

Robert: Mein, Hèr Baron!

Baron: Du huos mer dén Äschebècher geholl!

Robert: Hèr Baron!

All: Robert!

Jules: (elèng) Robert! Robert!

Robert: Nên, Hèr Baron, ech hun neischt geholl!

Baron: An dengem Kuoref lo'g dén Äschebècher hei! Ass en da vum sëlwen dra geflun?

Robert: Hèr Baron, ech wëss neischt dervun!

Baron: Nu le' mer och nach frèch an d'Gesicht! Wat eng Pharisäerei! An dém Moment, wo' e mer scheinhèlleg sei Sproch opsét, hat e

schons d'Spetzbo'werei begâng! Nu geste'h et an: We'ne' huos den e geholl?

Robert: (kreischt) Ech hun e net geholl, Hèr Baron!

Baron: Huot ê vun iech gesin, we' en en an de Kuoref gestach huot?

Jules: Ech hun en eng Ke'er beim Klave'er gesi stoen, Hèr Baron!

Baron: Jean, ge' mat dén aneren an d'Salle à manger! Du! Du! Ech hat dech emmer am le'fsten! Ech hat geduoht, der deng Le'er ze bezuolen, an en dichtege Mensch aus der ze mâchen. Du huos mech bedrun, mer meng gre'sst Fréd gestuol! Mâch dech aus mengen Aen a komm mer dei Liewe lâng net me' virun d'Gesicht!



Robert: Hèr Baron! (Setzt sech op d'Kne'en.)

Baron: Fir de' Sâche get kèng Verzeihong! Fort, oder ech joen dech mat den Honn zum Haff aus!

Robert: Ech war et net!

Baron: (helt e mam Arem) Fort, du Spetzbo'f!

Robert: (Dêt e Krêsch, dén durch Muorg a Schank gêt.) O Mamm!

Baron: (Gêt op an of) Ei! Wat dêt dat engem we'h, wann ên op e Kand en Haus wöllt bauen, an dat Kand werft de sche'ne Bau òm! —

Rido!

II. Akt.

(Dem Robert seng Mamm setzt an enger ârmer Stuff Huosen ze flecken.)

Mamm: De Robert bleiwt haut l ang ew eg. Wuofir verl angren ech so' no dem Jong, wann en  en Am ent aus dem Haus ass? En ass meng  enzeg Hoffnong, mei ganzen Tro'scht. Mir sin  arem, d'Kand w ess net we'  arem, mol k en  egenen D ach iwert dem Kapp! Herrgott, fe'er de Jong de richtege W e! L oss en e brave Mensch gin!

Robert: (kent eran, traureg a wescht d'Aen.)

Mamm: Wat ass geschitt?

Robert: (kreischt a s et neischt.)

Mamm: Robert, wat ass?

Robert: Ech si k en De'f, Mamm! N en, ech si k en. Ech hun neischt gestuol!

Mamm: Wien s et dat, Robert?

Robert: Den H er Baron! (kreischt emmer me'.)

Mamm: Den H er Baron! A wuofir dann? (Helt de Jong mam Arem.)

Robert: Am Schlass ass e s olwer  scheb echer gestuol gin, an den H er Baron s et, *ech* h att e geholl!

Mamm: Wuofir, Robert?

Robert: En huot en a mengem Kuorf fond!

Mamm: Herrgott, ste' mer bei! An *dengem* Kuorf!! We' ko'm en doran?

Robert: (setzt sech op d'Kne'en virun d'Mamm.) Mamm, ech w ess et net.

Mamm: (be's) Wat? Du w ess et net? Du muss dat dach w ossen! Nu so et direkt, oder ech w ess net wat geschitt!

Robert: Mamm, ech w ess et net!

Mamm: Mei Jong en De'f an e Ligener!

Robert: (we' verzweifelt) Mamm, ech si k en De'f an och k e Ligener!

Mamm: O Kand, wuofir huos de mir dat uged on? Et g et mer e Stach durech d'H erz! Mei Jong en De'f! (kreischt och.)

Robert: Mamm, kreisch net, et ass net wo'er! Mein Engel w ess we' onsch olleg ech sin! (L et de Kapp op den Desch.)

Bed engter vum Baron: (kent eran, bleiwt stramm an der Dir stoen.) Den H er Baron le'sst iech soen, dass der fir de n achste Freideg aus dem Haus hei eraus musst; den H er w ollt neischt mat De'f ze din hun!

Robert: O Mamm!

Mamm: O Robert!

Robert: (sprengt dur) Ech si kên De'f! Ni a nimmer hun ech de Bècher geholl. Ech krätzen der d'Gesicht aus, wanns d'et nach eng Ke'er sés!

Bedéngter: Du kanns geschwönn anzwo'aneschter krätzen, wèll d'Polizei wëss schons vun der Affär. (of)

Robert: Polizei hin, Polizei her! Mein Engel ass meng Polizei. Lôss se kommen. (Robert gêt bei seng Mamm, de' am Eck kreischt.) Mammchen, kreisch net me'! Wa mer eraus müssen, da gi mer alt! Ech wöllt vun dem Baron neischt me' ofhuolen, a wann en ons sei Schlass wöllt gin! Den Herrgott verle'sst de' Onschölleg net. Ech schaffe fir dech, ech spuoren — ech iesse net vill! — — — ech —

Mamm: (dre't sech öm a weist op e Portrait un der Mauer.) Robert, do ass d'Bild vun dengem Papp se'leg. Setz dech op d'Kne'e virdrun! Dei Papp war ârem, ma kên Centim hat e mat Onrecht! Robert, e kuckt dech. Um Do'dsbett huot e gesot: Mâch en e'erleche Mensch aus em! O Robert! E muss sech jo am Graf emdre'en! Wanns de de Courage huos, da geste' dei Verbriéchen an, virum Bild vun dem gudde brave Papp! —

Robert: Ech war et net! —

Mamm: Da fal deng Hänn a so et hârt!

Robert: (hârt a fest) Papp, ech si kên De'f!

Mamm: So', mei Jong, ech gléwen der elo, dass du kên De'f bass!

Robert: O Mamm! Gléfs du mer et! Du elèng, gutt Mamm, dat ass mir genug!

Mamm: Et kann och elo komme wat wöllt, a Gottes Namen!

(Iwerdém ass de Baron luos erakom, hien huot e gesin.)

Baron: Ah so', dir halt dem Bo'f seng Seit och nach! Dat gleicht iech. Wösst Dir, wat eis Mamm gemat hätt, wann eiser ên an dém Namen hêm komm wär? Un de Plafond hätt sie en opgehâng! An dir huolt de Jengelchen an den Are! Dat ass jo le'f. Gutt, wann dé brave Jengelchen iech so' gutt erhale kann, könnt der schons den Owend ère Pâck mâchen a muor fre' ausze'en!

Mamm: Hèr Baron! En ass onschölleg!

Baron: Wo' könnt dir dat soen, dir wösst jo neischt? We' kann awer eng Mamm so' blann hirem Kand zo'halen!

Mamm: Ech wëss neischt, mais ech fillen et. Mein Hèrz sét mer: dat Kand ass kên De'f.

Robert: (sprengt ervir) Mei Papp war brav, meng Mamm ass brav. an ech bleiwe brav, mei Liewe lîng. Hopp, Mamm, lôsse mer apâcken!

Mamm: Hèr Baron, mer gin! Dir huot ons vill Gudds gedôn! A schwe'ren Zeiten. Mir sden Iech dausendmol Merci derfir! Mir fanne vleicht eng Ke'er eng Geléenhêt, Iech dankbar ze sin.

Baron: Dir sit gutt am Gâng!

Robert: Hèr Baron, wa Gott wöllt, bezuolen ech Iech alles erem, wat Dir fir ons gemat huot!

Baron: Wat eng Ried! Bezuolen! We' wann ên engem könnt Le'ft mat Geld bezuolen! Jong, ech kommen net an d'Rèngt. Du huos mer me' we' gedôn we' engem Papp. Wèrs de nemmen onschölleg! (of.) (D'Mamm wöllt dem Baron noگوئن.)

Robert: (elèng) Herrgott, weis, dass ech onschölleg sin! Komm, Mamm, mir paken ons puor Sâchen an, mir bleiwe kèng Stonn ze lâng am Haus vun engem Mann dé mængt ech wâr e Spetzbo'f! Ech lafe Nopesch hire Wénche sichen. Domat fe're mer alles an de Besch!

Mamm: Mei Gott! An de Besch, Robert!

Robert: D'Bém an d'Vulle si besser we' d'Leit. (of — Du ko'men de' aner Komeroden all bis ob de Jules.)

Mamm: Lo kommt der grad zur Zeit! We' ass dat mat dém Bècher gâng?

Fredd: Mimmi Aan, de Robert ass onschölleg!

All: Kê gléft dass hien en De'f soll sin!

Mamm: We' ko'm de Bècher grad a sei Kuoref?

Juri: Ja, dat wösse mir och net!

Mamm: War da weider kên dobanne we dir fönnef?

All: Dach, de Jules nach!

Mamm: Wuofir ass dén da net bei Iech?

Jis: Mir hate Streit mat em! Et ass e freche Kèrel!

Fiss: E falsche Schmèrlappert!

Mamm: Hat de Robert èppes mat em?

Fredd: Net nënneswèrt, Mimm Aan! De Robert hat recht.

Mamm: Huot der dem Hèr Baron dat da gesot?

Jis: Dé wèss neischt dovun.

Ed: Dé brauch och neischt dervun ze wössen.

Mamm: Du mængs dat, mei Jong! Et wâr vleicht gutt wann en et we'sst!

Fredd: Ech soen em dat schons!

Ed: Da lósse mer all bei den Hèr goen!

(De Robert kent erem.)

Fredd: Robert, kreisch net me', et gléft kê vun ons, dass du en De'f solls sin!

Robert: Gléft kê et?

Jis: Kê vun ons all!

All: Nên, kê vun ons all!

Robert: Den Hèr Baron awer!

Mamm: A mir mussen haut nach aus dem Haus eraus!

Fredd: A wuor git der dann, Mimmi Aan.

Mamm: Wuor, ech wëss et net! An de Besch, do ass all Mensch dohém!

All: Mei Gott, an de Besch.

Ed: Ass de Baron so' hârt?!

Juri: Da gi mir och net me' bei en!

Fiss: Mir wölle neischt me' vun em!

Fredd: Mir gin och net an de Besch, wuor e gesot!

Robert: Wat sot en dann?

Juri: We's du fort wars, sot den Hèr, mer sollen de Metteg um 4 Auer bei de' «Ronn Buch» an de Besch kommen, do ge'f hien ons e Waldfest gin!

All: Mir gin net!

Fredd: Lo gi mer all zesummen an d'Schlass, a mir soen dem Hèr dat vum Jules!

Robert: Git kê unhènken a verdächtigt kê!

Mamm: Lôss se goen, Robert, wé wëss, wat gutt ass.

All: Mir gin!

Ed: (zum Robert) Dir braucht net am Besch ze schlofen! Kommt an onst Haus, du gês alt mat mir schlofen!

Fredd: Wösst der wat. Mir gin hêmlech bei de' deck Buch lûssen, ob de Jules do ass. Robert, du gês mat.

Robert: Ech ka matgoen, wèll mer hun hurteg agepâckt. Mir sichen ons dann eng gutt Plâtz fir hent ze schlofen. —

Mamm: Mir huolen ons Sâche gleich mat.

Fredd: De Courage net verluor, Mimmi Aan!

Mamm: Eddi Jongen! Vergiësst de Robert net!

All: Nie a nimmer! Eddi a Courage!

Rido.

III. Akt.

(An engem Bösch.)

Jules: (elèng) Aha! Geseis de Männchen! Dat dët mer gutt! Sie soten, ech wär domm, ech hat de' Affär mat dem Äschebècher awer nawèll gutt gedre't! Wat de Baron be's war! Sie müssen aus dem Haus eraus, an dat hun ech fèrdeg bruocht! Jules, et get nach eng Ke'er èppes aus dir! —

Baron: Bass du elèng hei! Wo' sin de' aner dann?

Jules: De' lafen dem De'f no, Hèr Baron! Et ass kê besser vun der ganzer Band, Hèr Baron! Ech kent Sâche soe vum —

Baron: Hopp! Et ass kêmol sche'n, wann ên seng Komeroden unkênke gêt. Kuck, wo' se sin! (Jules of) Dé Jong kent mer net aus de Gedanken! We' frei a frank ass en dohêm opgetratt! We' hu seng Ae gefonkelt! Hätt ech nemme Gewesshêt! Ob dé Bècher fort ass oder net, wat leît mer schlisslech drun; wann de Jong nômmе seng Fangere propper hätt! Kuck, dausend Frang, 10 Dausend ge'f ech drem, wann hien et net gewiescht wär!

Jules: (stîrmt eran an hält de Bauch vu Lâchen) Hèr Baron, o et ass zevill drolech: Do enne kommen se! Sie ze'hen e Wénche mat âlem Krôm, an d'Mamm vun dém proppere Gesell dreckt we' e Pèrd! Dat ge'f e Bild! Kommt kuckt emol!

Baron (êscht) Du schéngs mer um Ongleck vun déne Leit Spâss ze hun!

Jules: Et ass em gutt. En hätt mech solle goe lössen.

Baron: Wat sés du?

Jules: Neischt, neischt! Hèr Baron!

Baron: Mais dach, dat hêscht èppes. Wat hat dir matenên?

Jules: De Robert ass frèch, Hèr Baron!

Baron: Wat hâs du mam Robert?

Jules: Neischt, gur neischt, Hèr Baron! Hie wollt lech kê Bouquet gin, an ech hu gesot, dir missi dé sche'nste kre'en, dén ze fanne wär. Hien huot gesot et breicht kèng Ried gehalen ze gin, an ech wollt vill me' eng sche'n hale, we' sie all zesummen. En huot och nach eng Ke'er èppes ge'nt den Hèr Baron gesot an du hun ech —

Baron: Genug! Wêss du was du bass: E Schmérlappert e'schter Klass, an ech mènge nach me'! — Stèll dech emol dur. Elo komme jo de' aner.

(De' aner kommen o'ni de Robert.)

All: Bonjour, Hèr Baron!

Fredd: Hèr Baron, mir sin net kom fir e Waldfest ze feieren, et dèt eis zevill léd fir eise bèschte Friend, de Robert.

Jules: Dén De'f!

Jis: Et glêft kên datt de Robert en De'f soll sin.

All: Nê, kên!

Fredd: Mir wellen dem Hèr Baron soen, dass de Jules èppes ge'nt de Robert hat.

Jules: Ech? Nên!

All: Dach! Dach! Hèr Baron!

Fredd: A mir mènge — — —

Jules: (sprengt ervir) Wat mènge dir? Ge'ft dir gèr soen, *ech* hätt de Bècher geholl! Huot è mech gesin de Bècher am Robert sei Kuoref léen?

Fredd: Lo huos du et jo sèlwer gesot, du hèss en drageluogt!

Jules: We'ne' hun ech en drageluogt?

Baron: Do ass mer èppes net richtig! (Zum Jules) Wuofir ges du elo so' ro't bis hannert d'O'ren? Nu so mer d'Wo'recht: Huot de Robert de Bècher geholl?

Jules: (le'sst de Kapp hènken a sét neischt.)

Baron: We' ass dé Bècher am Robert sei Kuoref kom?

Jules: Ech mènge, Hèr Baron, en ass vum sèlwen dra gesprong! —

All: (lâchen.)

Baron: Nên, du bass vum sèlwen an d'Fâl gesprong. *Du* huos en drageluogt, we'?!

Jules: (wârt) Ech hat en awer net fir mech geholl!

All: Et ass eraus! De Robert ass kên De'f! (Sie sprangen an danze ronderemmer.)

Baron: (helt de Jules mam Krag) Elo hun ech den De'f! Nu so et, dass du et wars!

Jules: (sét neischt.)

All: De Robert war et net! De Robert war et net! (danzén a sprangen.)

Baron: Du! Du bass am Hèrz verduorwen! Du bass schold dass ech net a mei Fridd konnt kommen! Du huos denge Komeroden hirt Fest verduorwen. Du huos engem brave Jong de gudde Numm geholl a sein Hèrz gebrach! Du huos enger ârmer Mamm dat bèscht an dat ênzegt gestuol wat se hat: d'Zo'trauen zo' hirem Kann! Ons all huos du bestuol op eng nidderträchteg Mane'er. Dat muss gutt gemâcht gin. Direkt! Rufft de Robert a seng Mamm!

All: (ruffen hårt) Robert, komm! Mimmi Aan, kommt, de Jules hat die Bècher geholl!

Baron: (zum Jules) Nu setz dech dur op d'Kne'en! An da sés du mer no, wat ech der virsoen!
(De Robert kent mat senger Mamm.)

Baron: Do ass den De'f!

Mamm: Gott sei Dank dass et de Robert net war!

Baron: Nu setz dech virun dé Jong, dén durech deng Ligen an deng Niderträchtegkêt so' onglecklech go'f, a so: Robert verzeih!

Jules: Robert verzeih!

Baron: Ech war be's.

Jules: Ech war be's.

Baron: Lé deng gutt brav Hand a meng De'weshand a lôss mech och erem gin e'erlech a gutt.

Jules: (Widerhuolt.)

Robert: 'T ass gutt Jules. Ech dènken net me' drun!

Baron: A nu ge'h mer aus den Aen a weiss dech net me'!
(Jules fort a kreischt.)

Baron: Et dêt mer léd, Madame, ass dat eso' kom ass. Ech brengen neischt manner iwert d'Hèrz we' d'One'erlechkêt. Wat mer eso' o'ne' Mósse we'h gedoen huot, dat war, ass ech de Robert eso' gèren hat. Komm, mei Jong, ech sin erem fro'h! Du solls neischt bei der Sâch hei verle'eren. Du huos dech als brave kurage'erte Jong an als treit gutt Kand ge'nt deng Mamm an dei Papp se'leg bewisen. Du huos mer schons vill Fréd gemâcht. Ech suorge fir dech! Dir gitt erem an èrt Heischen, et soll iech neischt dra féhlen, an ech bezuolen dei Studium. Le'er, was de wells, a kascht et och 100 000 Frang, ech gin se gèr fir dech, wanns de emmer so' brav a kurage'ert bleiwst.

All: Vive den Hèr Baron!

Baron: An elo get e Fest gefeiert. Kommt all zesummen hêm, et soll Fréd gin.

Frèdd: Gèlt, Mimmi Aan, mir soten: Eddi a Kurag!

Jis: Eng Hêmlechkêt bleiwt net emmer hêmlech!

All: E'erlech a brav, a kascht et och de Kapp!

